N° 5262
Reçue le 18.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.11.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 18. November 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

D'ALEH (Association luxembourgeoise des enseignants d'histoire) huet rezent hir Meenung geäußert zu de Lëtzebuerger Geschichtsbicher. Si sinn der Meenung, datt eis Léierbicher net wierklech dat reflektéieren, wat geléiert soll ginn. Iwwerdeems si si der Meenung, datt en Defizit besteet beim lokal fundéierte Wëssen an an deem Sënn méi Wäert misst geluecht ginn op déi spezifesch Lëtzebuerger Geschicht. Wéi d'Äntwert op meng parlamentaresch Fro (N°4635) leider weist, gräift Lëtzebuerg bei de Léierbicher traditionell op auslännescht Material zeréck, esou datt et sech vun eleng versteet, datt de Schwéierpunkt am Geschichtsunterrecht net op déi Lëtzebuerger Geschicht ka geluecht ginn. Der ALEH no géif et vill Ufroe vu Säite vun der zoustännege Programmkommissioun, fir esou Léiermaterial auszeschaffen. Den Här Educatiounsminister Claude Meisch huet an deem Kontext geschriwwen: "Darum wäre ich nicht abgeneigt, ein Projekt zur Ausaurbeitung von Lehrmaterialien zur Luxemburger Geschichte zu unterstützen."

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un den Här Minister:

- Wou sinn aktuell d'Aarbechten drun, fir e Projet op d'Been ze stellen, deen am Hibléck op d'Léiermaterial besonnesch op déi national Dimensioun vum Geschichtsunterrecht soll agoen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N° 5262
Reçue le 17.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5262 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

An senger Fro bezitt den honorabelen Deputéierten sech op Aussoen, déi am Kader vun enger Manifestatioun vun der Association luxembourgeoise des enseignants d'histoire (ALEH) an der Nationalbibliothéik gemaach goufen.

An der Diskussioun gouf et eng grouss Eenegkeet doriwwer, datt et wichteg wier, d'Lëtzebuerger Geschicht an eng transnational Perspektiv ze stellen a generell der Lëtzbuerger Geschicht eng méi grouss Plaz am Enseignement ze ginn. Dat ass net ze verwiessele mat enger "nationaler" Geschichtsschreiwung oder engem Enseignement, deen sech op eng "national" Perspektiv géif reduzéieren.

Wat de Sujet vun de Léiermaterialie betrëfft, sou muss een ënnerscheeden tëscht dem Enseignement secondaire general (ESG) an dem Enseignement secondaire classique (ESC).

Am ESC gräift een zënter Joerzéngten op auslännesch Bicher an Unterrechtsmaterialien zeréck, wärend een am ESG zënter den 1990er Joren op eege Lëtzebuerger Editioune setzt, wéi d'Serie "Entdecken und Verstehen" et weist.

Ergänzend kënnen d'Enseignantë souwuel am ESG wéi am ESC haut op eng Rei pädagogesch Ressourcen zeréckgräifen, déi inhaltlech, sproochlech an didaktesch un de Lëtzebuerger Kontext adaptéiert sinn an am Fach Geschicht kënne benotzt ginn.

Material, wat ë. a. vum Zentrum fir politesch Bildung ausgeschafft ginn ass a wat gratis a meeschtens och digital zur Verfügung steet, befaasst sech och mat relevanten historeschen Themen (z. B. dem Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg; 100 Joer Demokratie; Erënnerungskulturen zu Lëtzebuerg).

Donieft ginn et och Online-Ressourcen, z. B. vun der Uni Lëtzbuerg (zur Geschicht vum Éischte Weltkrich aus Lëtzebuerger Perspektiv) oder vum Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) op www.kulturgeschicht.lu , déi jidderengem zur Verfügung stinn.

Doriwwer eraus ass de SCRIPT ganz oppen, fir d'Iddi ëmzesetzen, fir op den neie Programm zougeschnidden didaktesch Materialien (analog an digital) fir den ESC ze entwéckelen, zesumme mat Enseignanten aus de Lycéeën.

Am Moment leeft an deem Zesummenhang e partizipative Prozess, bei deem vilfälteg Aspekter vum Curriculum analyséiert goufen, an elo d'Propose vun engem Aarbechtsgrupp zu de Contenuen, der Evaluatioun an der pedagogescher Approche a Workshoppen iwwerschafft a verfeinert ginn. Hei sinn

esouwuel d'Programmkommissioun wéi och all interesséiert Geschichtsenseignantë ganz enk mat agebonnen. Mat éischte Conclusiounen ass um Enn vum lafende Schouljoer ze rechnen. An enger weiderer Phas kënnen dann dem Curriculum entspriechend Unterrechtsmaterialien entwéckelt ginn, dat mat der Ënnerstëtzung vum SCRIPT, deen zanter 2017 d'Maison d'édition vun der Éducation nationale ass an deen zesumme mam Terrain tëscht 30 a 40 Schoulmaterialie pro Joer konzipéiert.

Lëtzebuerg, de 17. Dezember 2021

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH